



Fernand ETGEN  
President vun der  
Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/11/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

An engem Artikel vum 17ten November am Tageblatt ass Rieds iwwert voll Busser beim TICE. Wéi den TICE-Direkter hei am Interview erkläert, hat den TICE op ee Lockdown säitens der Lëtzebuerger Regierung spekuléiert an de Fuertakt vu verschiddene Buslinnen reduzéiert, fir méi Kapazitéite fir de Schülertransport ze hunn. Och wann den TICE net vum Staat, mee vun engem Gemengesyndikat verwalt gëtt, esou ass den ëffentlechen Transport, virun allem a Coronazäiten, vun allgemengen ëffentlechem Interessi an dem Passagéier ass et a leschter Instanz egal, wéi eng ëffentlech Organisatioun en organiséiert. Voll Busser sinn, egal wou am Land, z'evitéieren, wann d'Zil soll sinn, datt d'Passagéier kënnen d'Gestes barrières an d'Sécherheidsdistanzen zoueneen anhalen. Dat war, wéi op ville Fotoen am Netz ze gesi war, an de leschte Wochen, virun allem zu Spëttestonnen, net de Fall.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gouf de Minister am Virus iwwert d'Reduktioun vum Takt beim TICE a Kenntnis gesat? Falls jo, wat war seng Reaktioun?
2. Gouf de Minister des Weidere vun de Responsabele vum TICE kontaktéiert, fir d'Fueraktivitéiten vum TICE am Kader vun der Coronapandemie z'ënnerstëtzen?
3. Ass de Minister der Meenung, datt den ëffentlechen Transport – speziell a Coronazäiten – iwwerall am Land sollt zu de Spëttestonnen um Maximum lafen, wat de Fuertakt an d'Kapazitéite betrëfft, an dat am Interessi vun der Gesondheet vun de Passagéier an onofhängeg dovunner, ob d'Busser ënnert engem Gemengesyndikat oder ënnert dem Minister senger Responsabilitéit fueren?
4. Besteet d'Méiglechkeet, datt de Minister mam TICE kéint zesummeschaffen, fir de Fuertakt vum ëffentlechen Transport am Süde vum Land op engem héijem Niveau ze halen a soumadder d'Sécherheidsdistanzen vun de Passagéier am ëffentlechen Transport kënnen ze garantéieren?
5. Ass et, zum Beispill, méiglech, datt den TICE vu staatlecher Säit aus kéint Buschauffere



geléint kréien, fir de Fuertakt zu Spëttestonne kënnen z'assuréieren?

6. Wäert de Minister während dëser Pandemie dofir suergen, datt d'Geste barrières an d'Distanzen zoueneen iwwerall am ëffentlechen Transport kënnen assuréiert ginn?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc  
Député

